LU

# DAG Fir d'Europaparlament

Fondatioun Zentrum fir politesch Bildung

START

Wierfel 4x
Ab 18 Joer däerfs du wiele goen. Falls du net op mindestens 18 Punkte kënns, wierfel nach eemol an der nächster Ronn, bis du déi verlaangt Punktenzuel erreechs.

Den Datum fir déi nächst Wale steet fest.

Däerfs du eigentlech bei Europawale wielen? Iwwerpréif d'Krittären an de Spillreegelen.
✓ Wierfel nach eng Kéier.
✗ Zeréck op START.

Deng Convocatioun läit an der Bréifboîte.

Du hëls un engem Debat tëschent verschidde Kandidaten a Kandidatinnen deel. Bravo!
Wierfel nach eng Kéier.

Benenn 5 lëtzebuergesch Parteien!
Réckel 2 Felder no vir.

Op dem Wee an de Walbüro begéins du enger aler Nopesch. Du hëls se an dengem Auto mat.
Réckel 3 Felder no vir.

Schlaang virum Walbüro! Notz d'Zäit, fir dir nach eng Kéier d'Lëscht mat de Kandidaten/Kandidatinnen unzekucken.
Setz eng Ronn aus, ausser du kanns zwee Kandidate/zwou Kandidatinne fir d'EU-Parlamentswalen nennen.

Du hues dech am Walbüro geiert.
Géi 5 Felder zeréck.

D'Personal vum Walbüro huet d'Aufgab, allegeurten d'Wieler/Wielerinnen, déi optauchen, op der Wallëscht ofzehaken.

D'Personal vum Walbüro freet no denger Carte d'identité.
Wann s du keng dobäi hues, muss du eng Ronn aussetzen.

D'Joer 2033: du wiels elektronesch.
Réckel 3 Felder no vir.

D'Joer 2033: Hackerugrëff. Den elektronesche Vott gëtt manipuléiert.
Réckel d'Figur vun engem vun denge Matspiller/Matspillerinnen ëm 2 Felder.

Du sichs laang op der Lëscht vun de Kandidaten a Kandidatinnen, wiem s du eng Stëmm solls ginn.
Déi zwee nächst Matspiller/Matspillerinnen setzen eng Ronn aus.

Du stees am Stau a kënns ze spéit an de Walbüro. Nächst Walméiglechkeet: a 5 Joer!
Falls du keng 5 wierfels: zeréck op START.

Du hues per Bréifwal gewielt.
Réckel 3 Felder no vir.

Du ziels d'Stëmmziedele mat anere Membere vum Personal vum Walbüro. Dir maacht är Aarbecht feelerfräi.
Réckel 1 Feld no vir.

D'Auszielung ass no enger Iwwerpréiwung ofgeschloss. D'Personal vum Walbüro leet d'Resultater un den zentrale Walbüro weider.
Réckel weider bis op d'ZIL.

ZIL